



Beaufort, den 22. Mee 2020

## Léif Awunner aus der Gemeng Beaufort,

An der Tëschenzäit kruten d'Eltere perséinlech ee Bréif mat sämtlechen Informatiounen zu der Reprise vun der Schoul e Méindeg, de 25. Mee. Dozou zielen ënner anerem och déi nei Horairë vum Schoultransport an, datt de Pédibus net ugebuede gëtt. Mir wënsche jidderengem eng gutt "Rentrée" an erënneren drun déi jeeweileg Uweisungen ze befollegen.

D'Terraine Multisports bei der Äispiste a bei der Schoul si weiderhin zou grad esou ewéi sämtlech Spillplazen. D'Reprise vun e Méindeg, de 25. Mee, ännert näischt dorun. Zougängelech sinn nëmme déi puer Spillplazen, déi ënnert der Opsicht vun enger Léierpersoun während de festgeluechte Schoulstonne stinn. D'Police wäert och an der nächster Zäit d'Anhale vum Verbuët kontrolléieren.

Ee klenge Rappel fir d'Verdeelee vun de Masken, déi muer Samschdeg vun 9 bis 12 Auer a vun 13 bis 16 Auer beim Virleeë vum Bon de Retrait am "Drive in" am Atelier vum "Service technique" ass: **Ouni Ziedel (Bon de retrait) keng Masken!**

Fir ee Chaos ze vermeiden ass ee gebiede verschidde Regelen an d'Auerzäiten anzehalen. Den Zougank mam Auto ass nëmme vun der Strooss route de Dillingen an zu de folgende Stonnen:

9 – 10 Auer : Familljennimm A bis C

10 – 11 Auer : Familljennimm D bis F

11 – 12 Auer : Familljennimm G bis L

13 – 14 Auer : Familljennimm M bis P

14 – 15 Auer : Familljennimm Q bis T

15 – 16 Auer : Familljennimm U bis Z

Selbstverständlech an erwënscht ass et, datt eng Persoun d'Maske fir de ganze Stot oder aner Leit mathëlt och wann de Familljennimm mat engem anere Buschtaf ufänkt. Op kee Fall vergiessen: **nëmme mat hirem Ziedel**. Wann ee mam Auto bäigefuer kënnt, da soll een am Auto sëtze bleiwen. Kee Problem ass et och ze Fouss oder mam Vëlo ze kommen. A sämtleche Fäll muss een eng Maske oder ee Buff droen. Een zweeten Termin fir d'Masken ofzehuelen ass e Méindeg, de 25. Mee, vu 17 bis 19 Auer op der nämmlecher Adress.

Leit, déi keen Ziedel kritt hunn, kënnen entweder d'Hotline 8002 8080 uruffen oder eng E-Mail un de Ministère de l'Intérieur ([info@mi.public.lu](mailto:info@mi.public.lu)) mat hirem Numm an hirer Adress maachen. Da kréie se den Ziedel nach eng Kéier geschéckt a wa se den Ziedel bis hunn, da solle se ee Rendezvous op der Gemeng huelen (Telefon 83 60 45 1). Des Weidere sinn d'Leit gebieden dofir ze suergen, datt sämtlech Nimm och op der Bréifboîte stinn an esou de Courier fir d'Masken kënnen kréien.

## Chers habitants de la commune de Beaufort,

Ces jours les parents ont reçu une lettre personnalisée avec toutes les informations concernant la reprise des cours le lundi 25 mai. Ceux-ci inclus entreautres les nouveaux horaires du bus ainsi que la suspension du service « Pédibus ». Nous souhaitons à tous les élèves une bonne « rentrée » et rappelons de suivre les mesures prises sur place.

Les terrains multisports près de la patinoire et de l'école ainsi que les aires de jeux restent fermés. La reprise du lundi 25 mai ne change rien à la situation. Sont accessibles uniquement les aires de jeux qui sont surveillées par le personnel enseignant pendant les leçons d'école fixées. La police continuera à veiller que les interdictions soient respectées.

Un petit rappel concernant la distribution des masques demain samedi de 9 à 12 heures et de 13 à 16 heures sur présentation du bon de retrait. Le centre de distribution « drive in » se situe dans les ateliers du service technique et **sans bon de retrait pas de masque !**

Afin d'éviter un désordre et des embouteillages sur place les citoyens sont priés de respecter quelques règles ainsi que les heures du passage au centre. L'accès par voiture se fera uniquement par la route de Dillingen aux heures suivantes :

9 – 10 heures : noms de famille de A – C	13 – 14 heures : noms de famille de M – P
10 – 11 heures : noms de famille de D – F	14 – 15 heures : noms de famille de Q – T
11 – 12 heures : noms de famille de G – L	15 – 16 heures : noms de famille de U – Z

Naturellement et fortement conseillé est qu'une personne viendra chercher les masques pour tout le ménage ou des autres personnes, même si leurs noms commencent par une autre lettre. En tout cas il faut présenter **tous les bons de retrait**. Les gens sont priés de rester dans leur voiture. On peut également venir à pied ou autre moyen. Dans tous le cas il faut porter un masque ou un « buff ». Une deuxième date de distribution est le lundi 25 mai de 17 à 19 heures à la même place et il faut également présenter le bon de retrait.

Les citoyens, qui n'ont pas encore reçu leur bon de retrait sont priés de contacter la Hotline 8002 8080 ou d'envoyer un courriel au ministère de l'Intérieur (info@mi.public.lu) avec leur nom et adresse. De plus ils doivent veiller que tous les noms figurent sur leur boîte aux lettres afin qu'ils puissent recevoir le courrier avec le(s) bon(s) de retrait.

**BLEIFT GESOND**

**#NetOuniMengMask**

**RESTEZ DE BONNE SANTÉ**

**#PasSansMonMasque**

**Le collège échevinal**

**Camille Hoffmann**

**Jean-Luc Nosbusch**

**Emile Wies**